N° 8203
Entrée le 03.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 03.08.2023

FRAKTIOUN CSV

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 514/2023
- 3 AOUT 2023
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 3. August 2023**

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'lescht Joer hat d'EU-Kommissioun als Reaktioun op den Ukrain-Krich déi obligatoresch Flächenstilllegung vu 4 Prozent an d'Rotatioun bei de Kulturen ausgesat, dat mam But, d'Liewensmëttelversuergung op internationalem Plang ze garantéieren. Nodeems Russland d'Kärenofkommes Mëtt Juli net méi verlängert huet, besteet nees de Risiko, datt et zu enger weltwäiter Liewensmëttelknappheet kënnt. An der Sëtzung vun der Agrarkommissioun nom Agrar-Conseil vum 25. Juli zu Bréissel huet de Minister gesot, de Sujet kéim eréischt am September op den Ordre du jour vum Conseil. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister stellen:

- Setzt Lëtzebuerg sech am September fir eng Verlängerung vum Aussetze vun der Flächenstilllegung an der Rotatioun an, fir esou d'Liewensmëttelsécherheet ze garantéieren?
    - Wa nee, aus wat fir Grënn ass d'Regierung géint e weidert Aussetze vun der Stilllegung an der Rotatioun?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Deputéiert**

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8203 vun der éierbaren Deputéierten Martine Hansen**

- **Setzt Lëtzebuerg sech am September fir eng Verlängerung vum Aussetze vun der Flächenstilllegung an der Rotatioun an, fir esou d'Liewensmëttelsécherheet ze garantéieren?**
  - **Wann nee, aus wat fir Grënn ass d'Regierung géint e weidert Aussetze vun der Stilllegung an der Rotatioun?**

Lëtzebuerg huet am Moment eng ofwaardend Approche bezüglech der Aussetzung vun der Flächenstillegung vu 4% a vun der Rotatioun vun de Kulturen op den Akerflächen.

D'Entscheedung, fir sou eng Verlängerung ze erméiglechen, läit bei der EU-Kommissioun, ass awer à ce Stade nach net geholl ginn an am aktuelle Kontext och net ze erwaarden.

Duerch den Ausbau vun de Solidaritéitskorridoren iwwert de Land- a Waasserwee konnt eng Liewensmëttelverknappung ofgefiedert ginn. D'Kärenexporter aus der Ukrain an d'EU sinn sou am vergaangene Joer vum Wäert vu 7 Milliarden Euro ob 13 Milliarden Euro geklommen.

D'Kärepräisser hunn sech no extreme Präishaussen am Joer 2022 aktuell op engem éischter niddregen Niveau agependelt.

Des Weideren ass et am Hibléck vun der Previsibilitéit vun der EU-Legislatioun a vun der Planungssécherheet an eise Betriber kontraproduktiv, déi elo a Kraaft getruede Reegelen op en Neits ze änneren.

Lëtzebuerg, den 12. September 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN